**Evangelium vun der Pällemwei (Joer A)**

**Mt 21,1-11**

1 Wéi de Jesus an déi Leit, déi mat him ënnerwee waren,
an d'Géigend vu Jerusalem koumen
an op Bethphagee an op den Olivebierg duergaang sinn,
huet hien zwéi Jünger virgeschéckt

2 a sot zu hinnen: "Gitt an d'Duerf, dat vis-à-vis vun iech läit!
Do fannt dir eng Ieselsmier, déi ugestréckt ass,
a bei hir e Fillen.
Maacht se lass a féiert se bei mech!

3 A wann een eppes zu iech seet,
dann äntwert: 'Den Här brauch se.
Hie schéckt se gläich nees zréck.'"

4 Dat hei ass geschitt,
fir datt sech dat erfëlle géif, wat duerch de Prophéit gesot gi war:

5 *Sot der Duechter Zion:*
*Kuck, däi Kinnek kënnt bei dech.*
*Hien ass duuss,*
*an hie sëtzt op enger Ieselsmier*
*an op engem Fillen,*
*engem Schaffdéier sengem Klengen.*[i]

6 D'Jünger sinn dohi gaang
an si hunn dat gemaach, wat de Jesus si ugestallt hat.

7 Si hunn d'Ieselsmier an d'Fille bei hie gefouert
an en d'Kleeder op de Réck geluecht.
Dunn huet de Jesus sech op se gesat.

8 Eng Abberzuel Leit hunn hir eege Kleeder op dem Wee ausgebreet;
anerer hunn Äscht vun de Beem erofgeha
an déi op dem Wee ausgebreet.

9 Déi vill Leit, déi virum Jesus gaang sinn, an déi, déi nokomm sinn,
hu geruff:
"*Hosanna* dem David sengem Jong!
*Geseent sief deen, deen am Här sengem Numm kënnt!*[ii]
*Hosanna héich do uewen!*[iii]"

10 Wéi de Jesus a Jerusalem erageridde komm ass,
huet déi ganz Stad geziddert
an sech gefrot: "A wien ass dat doten?"

11 D'Leit, déi mat dem Jesus koumen, soten:
"Et ass de Prophéit Jesus vun Nazareth a Galiläa."

---

[i] *Is 62,11; Zach 9,9.*
[ii] *Ps 118,25f.*
[iii] *Ps 148,1; Job 16,19.*